PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
21 FEV. 2020
1912

Lëtzebuerg, den 21/02/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

2018 goufen d'Rettungsdéngschter zu Lëtzebuerg nei organiséiert an an dem Kontext gouf duerch d'Gesetz vum 27te Mäerz 2018 de Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) geschaf. D'Land zitt an engem Artikel vum 10.1.2020 ee klenge Resumé aus dem leschten annerhallwe Joer vum CGDIS.

> "Hier stößt das CGDIS an dieselben Probleme wie vergleichbare luxemburgische Institutionen, das heißt Polizei und Armee. Haben die beiden Letztgenannten ein reines Rekrutierungsproblem, so hat das CGDIS zusätzlich ein Ausbildungsproblem vor allem der Führungskräfte und hat sein Selbstverständnis noch nicht definiert."

Weider kommentéiert den Auteur iwwert d'Ëmsetzung vu folgendem Punkt aus dem Koalitiounsaccord:

> "Ce dialogue structuré, impliquant les représentants des différents départements ministériels concernés, thématisera les dispositifs et moyens nécessaires, utiles et adaptés pour rendre le bénévolat efficient et attractif. [...] Une attention particulière sera portée aux pompiers bénévoles qui, ensemble avec les pompiers professionnels, sont les piliers de nos services de secours." (Säit 54)

> "Es fehlt genau an dem geforderten strukturierten Dialog. Der könnte auch dazu führen, dass Politik und Verwaltung geeignete Sensoren an der Systembasis schaffen, um so ein Frühwarnsystem zu haben, das Fehlentwicklungen anzeigt, bevor massive Unzufriedenheit sich in den Reihen der gemeinen Löschknechte breit macht.";

esou d'Land.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill nei Fräiwëlleger a wéi vill Haaptamtlecher goufe säit der Grënnung vum CGDIS rekrutéiert?

2. Wéi vill Fräiwëlleger a wéi vill Haaptamtlecher hu säit der Grënnung vum CGDIS als

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

fräiwëlleg Secouristen a Pompjeeën opgehalen?

3. An der Fro n° 1505 huet den honorabelen Deputéierte Sven Clement Froen zum Contrôle médical beim CGDIS gestallt. Hei äntwert d'Ministesch

   > "Déi kierperlech Ustrengung, schaffen ënnert Stress, sou wéi staark Hëtzt där d'Pompjeeën am Asaz ausgesat kënne sinn, si Konditiounen déi spezifesch Ënnersichunge verlaangen. [...] Déi nei Bestëmmunge vum Médico erlaben et haut vill besser, dass jidderee besser deene gesondheetlechen Ufuerderungen entsprécht, déi jee no Emploi bzw. Aktivitéit gefuerdert sinn."

   Wéi vill Fräiwëlleger si säit der Grënnung vum CGDIS beim Medico duerchgefall an aus wéi enge Grënn?

4. Ginn et aus der Siicht vun der Ministesch punktuell oder generell personell Enkpäss duerch ee Manktem u Fräiwëlleger?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 21 février 2020

Objet : Question parlementaire n° 1912 du 21.02.2020 de Monsieur le Député Marc Goergen - Recrutement auprès du CGDIS

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Pour le Président

Mars Di Bartolomeo
Vice-Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 06 mai 2020

**REÇU**
*Par Christine Wirtgen , 10:35, 06/05/2020*

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n°1912 du 21 février 2020 de l'honorable Député Marc Goergen concernant le recrutement auprès du CGDIS**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

Boîte Postale 10 L-2010 Luxembourg FAX 221125

**Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 1912 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Recrutement auprès du CGDIS"**

**Froen 1 an 2**

Den honorabelen Deputéierte freet Zuelen iwwert de Recrutement an d'Demissioun vu fräiwëllegen an haaptamtleche Fraen a Männer Pompjeeë beim CGDIS. De folgenden Tableau weist d'Entwécklung vun der Unzuel vu fräiwëllegen a beruffleche Fraen a Männer Pompjeeën am CGDIS säit senger Grënnung den 1. Juli 2018:

Fräiwëlleg Pompjeeën

| | 07/18 | Umeldungen | Ofmeldungen | 03/20 | Bilanz |
|---|---|---|---|---|---|
| Jugendpompjeeën | 951 | 373 | 156 | 1168 | +217 |
| *Aktiv Pompjeeën déi exklusiv fräiwëlleg engagéiert sinn* | *3497* | *264* | *352* | *3409* | *-88* |
| *Aktiv Pompjeeë mat duebelem Statut (fräiwëlleg an haaptamtlech)* | *203* | *123* | *3* | *323* | *+120* |
| Aktiv fräiwëlleg Pompjeeë gesamt | 3700 | 387 | 355 | 3732 | +32 |
| Veteranen | 1061 | 404* | 48 | 1417 | +356 |
| **Fräiwëlleg Pompjeeë gesamt** | **5712** | **1164** | **559** | **6317** | **+605** |

* dorënner fréier Fräiwëlleger vun der Protection Civile déi elo als Veteran beim CGDIS gezielt ginn

Haaptamtlech Pompjeeën

| | 07/18 | Nei | Austrëtter | 03/20 | Bilanz |
|---|---|---|---|---|---|
| Gesamt [1,2] | 375 | 181 | 8 | 548 | +173 |

[1] dovunner 59 Ënneroffizéier an Offizéier

[2] dovunner 57 Mataarbechterinnen a Mataarbechter vu Gemengen déi säit dem 01. Juli 2018 vum CGDIS iwwerholl goufen

**Fro 3**

Bei der medizinescher Ënnersichung gëtt keen Ënnerscheed tëschent fräiwëllegen an haaptamtleche Fraen a Männer Pompjeeë gemaach. Aus deem Grond bezéien sech d'Angaben op d'Gesamtzuel vun Ënnersichungen.

Well de Gesondheetszoustand sech entwéckelen kann, ass et méiglech, dass e Pompjee 6 Méint no enger Ënnersichung während der en "inapte" geschriwwe gouf, nees als "apte" gëllt.

Ausserdeem besteet d'Méiglechkeet, datt zum Zäitpunkt vun der Ënnersichung nët alleguer d'Informatiounen zum Gesondheetszoustand vun der Persoun virleien oder zousätzlech Ënnersichunge vun engem Spezialist mussen ugefrot ginn. De Pompjee kritt an deem Fall eng "inaptitude temporaire" a kann, esou bal d'Resultater alleguer virleien, nei bewäert ginn.

Heiraus ergëtt sech, dass et net méiglech ass, d'Gesamtzuel vun de Leit déi beim Medico duerchgefall sinn, iwwer e laangen Zäitraum unzeginn, well et sech ëmmer just ëm eng aktuell Momentopnam handelt.

De CGDIS erstellt regelméisseg eng Statistik iwwer den Total vun de Resultater vun der Ënnersichung. Fir d'Joren 2018 an 2019 gesäit déi folgendermoossen aus:

| | ***2018*[1]** | ***2019*** | ***2020*[2]** |
|---|---|---|---|
| Personnes aptes | 232 | 817 | 363 |
| Personnes aptes avec restriction | 79 | 255 | - |
| Personnes inaptes | 19 | 78 | 11 |
| Personnes inaptes temporaires | 30 | 105 | 8 |
| Personnes en suspens | 35 | 375 | 38 |
| **Total** | **395** | **1630** | **420** |

[1] 1. Juli – 31. Dezember
[2] Den 13. Mäerz 2020 goufen d'Ënnersichungen op Grond vun der Covid-19 Kris bis op Weideres ënnerbrach.

Säit dem 1. Januar 2020 ginn d' "Personnes inaptes temporaires" wëchentlech korrigéiert, well vill Persounen schlussendlech "apte" geschriwwe ginn. De Prozentsaz vun Inaptitude läit domat an der Moyenne bei 4.8%.

De CGDIS wäert an Zukunft d'Informatiounen zum Gesondheetszoustand vun de Pompjeeën an enger elektronescher Datebank sammelen. Vun deem Moment u wäerten d'Ursaache fir eng Inaptitude besser kënnen ausgewäert ginn. Bis ewell kann ech op meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1505 verweisen an där ech erkläert hunn, dass de Body Mass Index (BMI) international als Referenz benotzt gëtt an dass déi Leit, déi iwwergewiichteg sinn oder en héije Risiko hu fir Häerzkreesslaferkrankungen, a ville Fäll inapte geschriwwe ginn.

Ech wëll awer och nach eemol drun erënneren, dass de CGDIS seng Pompjeeë bewosst kengem héije Gesondheetsrisiko wëll aussetzen an eng ganz Rei Mesuren en Place gesat huet fir dem Taux vun Inaptitude bei den operationelle Pompjeeën entgéint ze wierken (Sportscoachen, Sportsaktivitéiten, Ernährungsberodung, asw.). Wéi wichteg dat ass, weist elo och déi aktuell Pandémie, wou d'Fraen a Männer Pompjeeën, déi zu der Kategorie vun de vulnérabele Leit gehéieren, am Moment keen Déngscht kënne maachen. Als vulnérabel gëlle Leit mat gesondheetleche Problemer, wéi zum Beispill Adipositas, Häerz-Kreeslaf-Krankheeten a verschidde Forme vun Diabetes.

**Fro 4**

De CGDIS huet mäi vollste Vertrauen, dass en alleguer d'Erausfuederungen, déi sech stellen, professionell meeschtert. Mir ass keng Situatioun bekannt wou de CGDIS wéinst engem Manktem u Fräiwëllegen nët drop reagéiere konnt.